



N°7274
Entrée le 01.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.12.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bidden mier lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Am Kontext vun der Ausliwwerungsaffär ëm de fréiere SREL-Mataarbechter Frank Schneider huet den Här Staatsminister a senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 7117 vum honrabelen Deputéierte Fred Keup a vu mir selwer gesot: „*De Premierminister an déi Lëtzebuenger Regierung hu keng legal Méiglechkeet, fir selwer d'Ausliwwerung vun engem Lëtzebuergesche Bierger ze verhënneren, dee sech net op Lëtzebuergeschem Territoire befënnt.*“

Allerdéngs, sou den Affekot vum Här Schneider, hätt den Här Staatsminister d'Méiglechkeet, bei der franséischer Regierungschefin ze intervenéieren (där hir Ënnerschrëft fir d'Ausliwwerung vum Här Schneider un d'USA erfuerderlech ass), well et an dëser Affär ëm grondleeënd Interesse vun eisem Land geet. (Quell: <https://guykaiser.lu/causa-schneider-exklusiv-interview-mam-top-affekot-emmanuel-marsigny/?fbclid=IwAR2RAoUT3DhbhInh2xrdlqxDyL4SfIPq3c188eWslZOVuyg5MA3rJfSeV90>)

Effektiv betrëfft dës Affär e fréieren Agent vum Lëtzebuenger Sécherheetsdéngscht, deen, sou däreuf ugeholl ginn, wichteg Geheiminformatiounen iwwer eist Land an iwwer aner europäesch Länner huet. Dofir ass et ëmsou méi verwonnerlech, datt den Här Staatsminister, deem laut Gesetz vum 5. Juli 2016 „portant réorganisation du Service de renseignement de l'Etat“ de SREL ënnersteet, net bei der franséischer Premierministesch intervenéiert, fir eng Ausliwwerung vum Här Schneider ze verhënneren.


An deem Kontext hunn mier folgend Froen un d'Regierung:

- 1) Aus wéi enge Grënn huet den Här Staatsminister decidéiert, fir an der Affär Schneider net bei senger franséischer Homologin ze intervenéieren,

wuelwëssend, datt den Här Schneider am Besëtz vun Informatiounen kéint sinn, déi fir d'Sécherheet vun eisem Land vu grousser Bedeitung sinn?

- 2) Kann d'Madamm Justizminister confirméieren, datt de Prozess ëm dräi ehemoleg Mataarbechter vum SREL, zu deenen och den Här Schneider gehéiert, nach net ofgeschloss ass? Wa jo, aus wéi enge Grënn intervenéiert d'Regierung net bei der franséischer Regierungschefin, fir datt den Här Schneider am Hiblëck op d'Fortsetzung vum genannte Prozess hei am Land ass?
- 3) Kann d'Madamm Justizminister präziséieren, ob d'Cellule de renseignement financier, déi der Madamm Justizminister ënnersteet, eng Enquête realiséiert huet iwwer d'Geldgeschäfte vun der Firma vum Här Schneider?
- 4) Wann esou eng Enquête realiséiert gouf: Kann d'Madamm Minister eis Informatiounen iwwer d'Conclusiounen ginn, zu deenen dës Enquête komm ass?

Mat déiwem Respekt,



Roy REDING
Députéierten



Fernand Kartheiser
Deputéierten